LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Lex Delles, à la question parlementaire n°6 du 30 octobre 2023 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet des conséquences de l'accès international aux données du STATEC**

1)

Jo, de STATEC bestätegt dass Ufroen aus dem Ausland analyséiert ginn, an déi gefrote Statistiken an Donnéeë just geliwwert gi, wa ka garantéiert ginn, dass d'Donnéeën déi eraus gi konform sinn, engersäits zum Gesetz vum 10. Juli 2011, an deem d'Organisatioun vum nationale Statistikinstitut STATEC an seng Missioune festgehale sinn, an anerersäits zu der EU-Dateschutz-Grondveruerdnung (RGPD - RÈGLEMENT (UE) 2016/679). Déi primär a secondaire Confidentialitéit, sou wéi se vun Eurostat definéiert ass[1], ergëtt sech mam Respekt vun de Gesetzer a Reglementer, deenen de STATEC ënnerluecht ass.

2)

De STATEC gëtt Datesätz a Statistiken un Eurostat (statistescht Amt vun der EU) weider, esou wéi et vun de verschiddenen europäesche Reglementer virgesinn ass. D'Periodizitéit ass jee no Enquête ënnerschiddlech an déi ganz Lëscht ass um Internetsite vun Eurostat disponibel[2].

Den Artikel 6 vum EU-Reglement No 557/2013 gesäit vir, dass Fuerscher op agrégéiert Donnéeën zougräife kennen. De STATEC stëmmt deenen Demandë fir gewéinlech zou. An deem Kontext gi keng vertraulech Daten no baussen eraus oder publizéiert.

D'OECD freet de STATEC net no Donnéeën, déi scho bei Eurostat disponibel sinn. De STATEC schafft mat der OECD zesumme, mee féiert keng intern Statistik iwwert d'Unzuel un Datesätz a Statistiken, déi un d'OCDE geschéckt ginn. Doriwwer eraus huet de STATEC a verschiddene spezifesche Fäll en "Data Handling Agreement" mat der OECD ofgeschloss.

Wat individuell Wëssenschaftler aus dem Ausland ugeet, déi sech direkt un de STATEC gewant hunn, sinn et beim STATEC tëscht 2020 an 2023 insgesamt 7 Demande gi, wou Donnéeë geliwwert gi sinn. Déi meescht Demandë lafen allerdéngs iwwert den europäesche Mechanismus, de STATEC huet do keng Informatioun zu der Unzuel vun Demanden. De STATEC ass generell favorabel zu esou Ufroen, an Eurostat ass de Garant vum korrekten Notzen an Auswäerte vun deenen Donnéeën, am Respekt vun de Confidentialitéitskennzeechen, déi de STATEC un déi respektiv Date gebonnen huet.

3)

Bei Ufroen aus dem Ausland gëtt den Aarbechtsopwand ofgewien, a wann de STATEC net direkt am Respekt vun der Vertraulechkeet vun den Date ka favorabel äntwere, ginn Upassungsvirschléi gemaach, wéi zum Beispill :

[1] https://ec.europa.eu/eurostat/documents/54610/7779382/Statistical-Disclosure-Control-in-business-statistics.pdf
[2] https://ec.europa.eu/eurostat/web/european-statistical-system/programmes-and-activities/legislation-in-force

- En Echantillon mat nëmmen net vertraulechen agrégéierten Date liwweren ;
- De STATEC iwwerdréit dem Wëssenschaftler eidel Fichieren déi d'Struktur vun den originellen Daten erëmginn, wourop hin de Wëssenschaftler säin Traitement ka programméieren, dat de STATEC dann op de richtegen Date lafe léisst an déi agrégéiert Donnéeën un de Wëssenschaftler weidergëtt. De STATEC respektéiert dobäi och de Prinzip vun der Dateminiméirung, wéi et am RGPD virgesinn ass.
- D'Consultatioun vun Daten op engem vun all Reseau isoléierte Computer an de Büroe vum STATEC, wou dono ausschliisslech agrégéierten Resultater kënne mat erausgeholl ginn.

Wann dem STATEC seng Propositioun net zefriddestellend op d'Demande äntwert, gëtt d'Ufro net weiderverfollegt.

4)

De STATEC huet an de 5 leschte Joer 5 Consultatiounen op engem vum Reseau isoléierte Computer erfaasst, dorënner 4 vu Lëtzebuerger Institutiounen/Organismen an eng vun der OECD.

5)

Déi europäesch Reglementer gesi vir, dass de STATEC d'Transmissioun vun Daten un Eurostat maache muss. De STATEC kann Daten esou markéieren, dass dës zwar vun Eurostat ausgewäert kënne ginn, mee net publizéiert dierfe ginn.

All d'Tabelle gi primär un Eurostat geschéckt, doriwwer eraus ginn et Ofkommes tëschent Eurostat an aneren internationalen Institutiounen (OECD, FMI, EZB...) vir d'Iwwerdroe vun Donnéeën.

6)

De STATEC ass esou Ufroen aus dem Ausland an de leschte 5 Joer nokomm, fir dës gëllen déi selwecht Reegelen wéi an der Äntwert op d'Fro 3 erkläert.

Et sief bemierkt, dass am Kader vum europäesche statistesche System sinn déi meescht Kollekten vun Daten op europäeschen Niveau coordinéiert sinn, haaptsächlech duerch Reglementer, an dass d'Kadergesetz vum STATEC virgesäit dass d'Statistiken, déi gefouert ginn en “Intérêt général” mussen hunn.

Luxembourg, le 24/11/2023

Le Ministre de l'Économie,
des PME, de l'Énergie et du
Tourisme

(s.) Lex Delles